Communiqué de presse . Pressemitteilung

**D'Kierch zu Lëtzebuerg begréisst d'Wiel vum Poopst Leo XIV.**

**L'Église au Luxembourg salue l'élection du pape Léon XIV**

**D'Kierch zu Lëtzebuerg begréisst d'Wiel vum Poopst Leo XIV.**

Mat grousser Freed hu mir haut d'Noriicht vun der Wiel vum Kardinol Robert Francis Prevost OSA aus de Vereenegte Staate vun Amerika zum Poopst Leo XIV. an zum Bëschof vu Roum opgeholl.

Eist Gebiet soll hien duerch säi Pontifikat begleeden, besonnesch elo um Ufank vu senger grousser Missioun als 267. Nofollger vum Apostel Péitrus. Den Härgott soll him bäistoen op all senge Weeër a bei all sengen Entscheedungen. Als neien Hiert mam ganze Vollek Gottes ënnerwee soll den Hellege Geescht hie leeden a stäerke bei allen Erausfuerderungen an der Welt an an der Kierch. Mat Vertrauen an Hoffnung wëlle mir grad am Hellege Joer 2025 dem neie Poopst eisen déiwe Respekt ausdrécken an him eis Ënnerstëtzung als Chrëschten zu Lëtzebuerg zousécheren.

**Als Ausdrock vun eiser Dankbarkeet solle muer Freideg um 12.15 Auer d'Klacke vun de Kierchen a Kapellen uechter d'Land wärend zéng Minutte feierlech lauden.** An alle Masse vun dësem Sonndeg a wärend der Muttergottesoktav wëlle mir besonnesch fir de Poopst Leo XIV. bieden a säi Wierken als Hiert a Bréckebauer Maria, eiser Patréinesch vu Stad a Land, uvertrauen.

*Lëtzebuerg, den 8. Mee 2025*

*+ Jean-Claude Kardinol Hollerich*
*Äerzbëschof vu Lëtzebuerg*

***

**L'Église au Luxembourg salue l'élection du pape Léon XIV**

C'est avec une grande joie que nous avons accueilli aujourd'hui la nouvelle de l'élection du cardinal Robert Francis Prevost OSA des États-Unis d'Amérique comme Pape Léon XIV et évêque de Rome.

Que nos prières l'accompagnent tout au long de son pontificat, surtout maintenant, au début de sa grande mission comme 267ᵉ successeur de l'apôtre Pierre. Que le Seigneur le garde sur tous ses chemins et dans toutes ses décisions. Que le Saint-Esprit guide notre nouveau pasteur avec tout le peuple de Dieu en marche et lui donne la force pour répondre aux défis

du monde et de l'Église. C'est avec confiance et espérance que nous voulons, en particulier en cette Année sainte 2025, exprimer notre profond respect au nouveau pape et l'assurer de notre soutien en tant que chrétiens au Luxembourg.

**Pour exprimer notre gratitude, les cloches des églises et chapelles du pays sonneront solennellement pendant dix minutes demain vendredi à 12h15.** Dans toutes les messes dominicales ainsi que pendant l'Octave à Notre-Dame, nous voulons prier tout particulièrement pour le pape Léon XIV et confier son action de pasteur et de pontife romain à Marie, notre patronne de la cité et de la patrie.

*Luxembourg, le 8 mai 2025*

*+Jean-Claude Cardinal Hollerich*
*Archevêque de Luxembourg*

Äerzbistum Lëtzebuerg - Kommunikatioun a Press
5 avenue Marie-Thérèse, L-2132 Lëtzebuerg-Stad
Telefon +352 44 74 34 01 | Feedback: com@cathol.lu
https://www.cathol.lu